N°1099
Entrée le 08.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ee WORT-Artike vum 1ten August titelt *"Die Kosten des TICE steigen dramatisch".*

Deemno läit de Käschtepunkt am Joer 2023 fir den TICE bei ronn 70 Millioune Euro fir ronn 7 Milliounen gefuere Kilometer. Dat si ronn 10€ pro Kilometer.

Bei den CFL-Busser läit de Käschtepunkt bei ronn 8,5€ pro Kilometer fir d'Joer 2025 (61 Milliounen Euro fir 2025 bei och ronn 7 Millioune gefuerene Kilometer), wann een d'Zuele vum Gesetzesprojet n°8322 kuckt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Busser wäerten 2025 bei den CFL fueren a wéi vill beim TICE?
2. Ronn 380 Buschauffere fuere laut WORT-Artikel aktuell fir den TICE. Wéi vill Buschauffere fueren aktuell fir d'CFL?
3. Wéi vill Passagéier goufen 2023 vun den TICE-Busser transportéiert a wéi vill vun den CFL-Busser?
4. Wéi vill Euro huet de Staat 2023 fir d'Busservicer vun den CFL bäigeluecht a wéi vill fir den TICE? Wéi gesäit de Ratio aus, wann een d'Subventioun duerch d'Unzuel u Passagéier dividéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten